



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

N° 5941
Reçue le 16.03.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 16.03.2022

Här Fernand Etgen

President vun der Chamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. Mäerz 2022

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ekonomie weiderzeleeden.

Wéi et am Artikel "*European nations poised to endorse levy on imported emissions*", deen de 15. Mäerz an der Luxembourg Times publizéiert gouf, heescht, schaffen d'EU-Memberstaaten op eng zäitno Aféierung vun CO2-Zoller hin, dat obwuel d'Liwverkette duerch déi rezent COVID-Moosnamen, de Krich an der Ukrain an eng Rei weider Ëmstänn scho staark duerchernee geroden a vill Präisser entspreichend geklomme sinn. Des Weideren heescht et, datt sou eng Moosnam zu diplomateschen Spannunge mat verschiddenen Handelspartner kéint féieren, notamment China, Indien an der Ukrain.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Regierung elaboréieren, wéi si allgemeng zu dësem Virstouss steet?
- 2) Kann d'Regierung elaboréieren, wéi si déi allgemeng Präisentwécklung vun deene betraffene Produiten fir d'Lëtzebuurger Entreprises a Konsumenten aschätzt? Huet d'Regierung eng onofhängeg Etude an Opdrag ginn, fir dës Fro ze klären ier si eng entspreichend Decisioun zu Bréissel matstëmmt?
- 3) Gesäit d'Regierung d'Gefor, datt eis international Handelspartner mat Géigemoosnamen op esou eng Decisioun kéinte reagéieren, déi schlémmstefalls onberechenbar Handelskricher kéinten no sech zéien? Falls net, firwat net?
- 4) Gesäit d'Regierung et als opportun, Kriselänner wéi der Ukrain, awer och aneren, ekonomesch manner privilegéierte Staaten eis industriefeindlech Klimanormen opzezwingen an si doduerch an hirer ekonomescher Entwécklung auszebremsen? Wéi steet d'Regierung zu der Opfaassung, datt een an deem Sënn vu Klimakolonialismus ka schwätzen?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten



Gemeinsam Äntwert vun der Madame Finanzminister Yuriko Backes an dem Wirtschaftsminister Franz Fayot op d'parlamentaresch Fro n°5941 vum 15. März 2022 vum éierbaren Deputéierte Roy Reding

Den éierbaren Deputéierten freet nom Dossier iwwert CO₂-Zoller un der EU Bausegrenz.

Am Juli d'lescht Joer huet d'europäesch Kommissioun den Pak "Fit for 55" presentéiert, deen als Zil huet der EU ze hëllefen hir ambitiéis Ziler beim Klimaschutz an der Energieeffizienz ze erreechen.

En Dossier vun dem Pak ass den EU "Kuelestoff Grenz-Upassung-Mechanismus", op englesch "Carbon Border Adjustment Mechanism (CBAM)".

Dëse Mechanismus soll die europäesch Betriber virun deloyalere Konkurrenz aus Drëttstaaten schützen.

Europäesch Betriber mussen CO₂-Zertifikater kafen fir d'CO₂-Emissiounen, déi während hirer Produktioun entstinn ze kompenséieren. Wann an Drëttstaaten esou eng Kompensatioun net néideg ass, sinn d'Betriber an der EU benodeelegt.

Den Text gesäit dofir vir dass fir bestëmmten Wueren, déi an d'EU importéiert ginn an Zukunft och CO₂-Zertifikater musse kaf ginn, zum selwechten Präis ewéi deen vun den EU CO₂-Zertifikater. Falls et am Ursprongsland vun der Wuer och schonn eng CO₂-Bepreisung gëtt, dann kréien d'Wueren dësen ugerechent.

D'Regierung steet dësem Instrument positiv géigeniwwer, an den Ecofin Conseil huet am März eng generell Orientatioun op dësem Dossier ugeholl.

Lëtzebuerg huet säin Accord eréischt ginn wéi séchergestallt war, dass dës Measure mat den Regeln vun der Welthandelsorganisatioun an Aklang ass.

Den EU "Kuelestoff Grenz-Upassung-Mechanismus" soll schrëttweis agefouert ginn, mat enger Iwwergangsperiod, à priori bis 2025, während där just e Reporting agefouert gëtt. Bis dohin wäerten also nach keng extra Käschten an domat verbonnen Präis-Erhéiungen bei dëse Wueren stattfannen.

Et ass wichteg, dass Betriber an der EU net benodeelegt sinn duerch déi méi ambitiéis Mesuren fir den Klimaschutz, an och Drëttstaaten, an d'Betriber déi do produzéieren, sollen incitéiert ginn Mesuren ze huelen fir manner CO₂ auszestoussen. De Conseil ass sech och bewusst dass Betriber an Entwécklungslänner sech wäerten méi schwéier dinn fir hir Produktiounen ëmzestellen. Dofir soll doriwwer nogeduecht ginn, wéi dës Länner bei der Transition kann gehollef ginn.

Lëtzebuerg, den 22. Abrëll 2022

D'Finanzministesche

(s.) Yuriko Backes